


# IN MEMORIAM

Eng gre'ßer le'ft
huet ken, ass we' de',
datt en sei liewen higet
fir seng frőnn.

(Joh. 15, 3)

Prix ou vente : 15.- f

BIBLIOTHÈQUE NATIONALE - LUXEMBOURG -

# UNDENKEN

un de' perso'nen vun

HALER,

de' am krich 1940 - 1945

fir d'Hémecht gestuerwe sen

Erausgin geléentlech der aweihong vum


MONUMENT AUX MORTS VUN HALER

den 16. september 1951

# *Si se gestuerwen fir d'Hémecht*

Net ofzeschätzen ass d'zuel von diene menschen, de' de leste krich mat senger märderescher hand aus dem liewe gerass huet. Gro'ss ass och d'zuel vun de Letzeburger, de' hart getraff gufen. Och Haler ass net verscho'nt bliwen: zwielef fraen a männer aus e'sem klengen duerf hun hirt liewen misse lossen. Hirt tragescht schecksal ass is me' zu hèrze gangen, ass we' all dien anere misär, dien de krich mat sech bruecht hat: et ware jo e's frönn a komeroden, et waren e's noperen a kollégen, jo et waren e's schwesteren a bridder, kanner an elteren, de' hei zu Haler den do't fond hun.

Mir wössen: si sen fir d'Hémecht gestuerwen! Dat soll de' tre'sten, de' et besonnesch hart getraff huet. Dat soll



Monument aux Morts

is de richtege wé weisen an is all zur énegkét opruffen, wann d'Hémecht nés eng ke'er sollt a gefahr kommen. Dat soll is awer och weisen, we' gro'ss hirt affer war. Dat micht is zur pflicht e's do'deg an hirt affer ëmmer vir an ze halen, an si ni ze vergéssen. Aus diem gronn guf en denkmal matzen am duerf opgericht. Aus diem gronn hu mir is virgeholl all jar winnegstens eng ke'er zesummen fir si ze bieden an eng mass fir si ze liesen. Aus diem gronn solle mir och ni vergéssen, op wat fir eng grausam mane'er si vun is gerappt gi sen.

D'madame Anna DOSTERT (Schmatz Anna) ass vun enger preisescher kugel getraff gin, we' si Chrestdag 1944 aus dem keller kum. D'Amerikaner hun si nach an eng klinik op Letzeburg bruecht, mé den aneren dag ass si schons gestuerwen.

D'madame Anna EWEN (Haupesch Anna) hat eng schwe'er gripp am keller opgeraf, de' sech bei der évakuatio'n op engem offenen auto so' verschlömmert huet, datt si e puer dég durno zu Beles gestuerwen ass.

Dem hèr François FLIES seng gesondhét ass durch d'schrecken vun der offensiv vollständeg ruine'ert gin, a we' durzo' d'entbirongen vun der évakuatio'n kumen, huet sei liewen e fre'zeitegt enn fond.

D'joffer Ketty GLESENER (Schmatz Ketty) huet durch eng granat, de' an hirer hausdir explode'ert ass, e plötzlechen a schrecklechen do't fond.

Den hèr Alfred HEINEN (Reckessen Alfred) ass durch eng granat, de' ganz no bei him explode'ert ass, so' schwe'er verwonnt gin, datt hien no kurzer zeit senge verletzongen erléen ass.

Den hèr Henny MARNACH (Warnesch Henny) ass durch kugelen zu do't getraff gin, we' hien aus der bakes an d'haus wollt goen.

Den hèr Charel MATHES (Leise Charel) huet sei jongt liewen duerch e sprengkierper verluer, op dien hie gesto'ss war, we' hien um feld geschafft huet.

Den hèr Hary NIESEN huet sech an der évakuatio'n eng schwe'er erkältong zo'gezun, a we' de' e'scht Haler rem hém gange sen, huet hien de wé a seng e'weg hémecht ugetratt.

Den hèr Mechel RIES (Schmatte Mechel), dien zu Dikrech geschafft huet, ass vun do an d'E'slek verschlo gin an ass an dienen e'schten dég vun der offensiv, an der noperschaft vun Eschduerf, durch e puer kappschöss em d'liewe komm.

Den hèr Lutwin de SCHORLEMER vum Grondhaffer schlass, dien am juli 1943 an d'Wehrmacht force'ert gi war, ass enn januar 1945 bei enger panzerschluecht an der ge'gend vu Steinau un der Oder gefall. Hie schle'ft nach a friemem buedem.


D'joffer Bertine STEICHEN huet an der évakuatio'n eng duebel longenentzöndong opgeraf an huet sein hémechtsduerf net me' remgesin.

Den hèr Berny WEBER (Frischens Berny) war am oktober 1942 an d'Wehrmacht gestach gin. Vum august 1943 un huet ké me' eppes vun him he'eren. Obschons et net erwisen ass, datt hie gefall ass, kann én dach unhuelen, datt hie leider net me' um liewen ass.

So' sen si gestuerwen — de' eng plötzlech a ganz verlos, de' aner no lange qualen, mé vun hire frönn emgin. So' sen si vun is gangen an eng aner welt.


Fir datt d'Hémecht rem sollt frei gin, huet hirt blutt den hémechtsbuedem missen benetzen. Durch hirt affer ass dese buedem, ass e's Hémecht, zu engem hellegtom gin, fir dat mir antriede mussen, zu jidder stonn, an, wann den Herrgott et verlangt, och mat e'sem liewen, so' we' e's frönn a komeroden et gemach hun. Si hun is de wé gewisen: mir follegen hirem beispill, dat ass die gre'ssten dank an de' gre'sst e'er, de' mir hinnen erweisen können.






**Mme Anna Dostert-Glesener**
geb. 25. 11. 1878 (Haler)
gest. 26. 12. 1944 (Letzeburg)

**Mme Anna Ewen-Hansen**
geb. 20. 11. 1873 (Mertzeg)
gest. 1. 1. 1945 (Beles)



**François Flies**
geb. 8. 12. 1864 (Reilend)
gest. 2. 10. 1945 (Miersch)

R. I. P.



**Ketty Glesener**
geb. 8. 3. 1895 (Haler)
gest. 16. 12. 1944 (Haler)

REQUIESCA



**Alfred Heinen**
geb. 25. 2. 1927 (Chrestnech)
gest. 25. 12. 1944 (Haler)



**Henny Marnach**
geb. 14. 10. 1882 (Haler)
gest. 18. 12. 1944 (Haler)


Fir d'Hémecht g
Dir hut hir

**Charel Mathes**
geb. 20. 3. 1931 (Haler)
gest. 10. 6. 1945 (Letzeburg)



NT IN PACE


**Hary Niesen**
geb. 1. 10. 1884 (Haler)
gest. 5. 3. 1945 (Letzeburg)



**Mechel Ries**
geb. 1. 5. 1913 (Haler)
gest. 18. 12. 1944 (Eschduerf)



o'wt Dir d'liewen,
trei bekannt



**Lutwin de Schorlemer**
geb. 9. 12. 1923 (Grondhaff)
gest. 31. 1. 1945 (Steinau/Oder)



**Bertine Steichen**
geb. 14. 3. 1876 (Haler)
gest. 12. 1. 1945 (Fiels)



**Berny Weber**
geb. 6. 12. 1923 (Befort)
gefall a Russland
(datom onbekannt)

R. — I. — P.

# Haler am Krich

Wuer soll dat hife'eren? Wat solle mir nach alles erliewen? De' froen huet muncherén sech zu Haler gestallt, diemols, we' an engem sche'ne fre'jarsmoien d'preisesch militärkolonnen fir d'e'scht durch d'duerf gerullt sen an hir flieger iwer e's he'chten geflu sen.

En énzege wonsch hate mer diemols: o wiren se dach rem fort!

We' Frankreich um buedem lug, du wosste mir, datt dese wonsch net so' hurteg könnt an erföllong gon. Mir hun de kapp duerfir awer net hänke gelos. Och net we' d'Preisen alles gemach hun fir och de' Haler vun hirem endsieg z'iwerzégen.

Am laf vun 1941 ass zu Haler, als äntwert op de Preisen hir propaganda, d'resistenzarbecht ugangen. Hei se clichéen hirgestallt a flugziedelen verfasst gin, a biller vun e'ser le'wer Grande-Duchesse hu vun hei aus de wé ueschtert d'land ugetratt.

Ufangs 1942 kum oprégong an d'duerf: d'Gestapo huet agegraff an huet den Erny Gillen fort an d'prisongen an an d'kazetter geschléft. Den RAD huet gleich drop nach aner jongen aus dem duerf gerass, an am hierst huet och d'Wehrmacht no hiren afferen verlangt. Am laf vun 1943 sen nach aner jong menschen eso' aus hirem elterenhaus gerappt gin: 8 steck hu missen de' preisesch uniform droen. Et waren de Marcel Flammang, Jeng Ries, Philippe Ries, Frédéric de Schorlemer, Lutwin de Schorlemer, Thédy Thill, Berny Weber a Jemp Weydert.



E's le'f Grande-Duchesse

(Copie vun engem linolschnëtt, dien am krich zu Haler hirgestallt guf)

De krich gung dem enn entge'nt. D'Preisen an d'verre'der sen ugangen, d'Amerikaner kumen: fir Haler huet de krich geschengt eriwer ze sen.

Nemen d'fréd war net ongedre'wt: d'Preisen luchen nemen e puer kilometer vum duerf ewèch, a sechs vun dienen Haler jongen waren nach fort an der friemd...... An é fre'e moien war et wo'er, wat all de' zeit gefart gi war: d'Preisen waren rem do. Si gufen zwar geschwen rem zreck geschlon an hu Chrestdagmoies d'duerf missen fir zergutzt verlossen. Mé de' Haler können des grausam dég, wo' si gehätzt a gejot waren, wo' si sech ne'erens me' secher gefillt hun, ni me' vergéssen. Emmer wèrten si un de' onendlech stonnen denken, de' si an dienen deischteren a fischte kelleren, an der eiskaler kirch an am kaplo'nskeller verbruecht hun! Och d'évakuatio'n mat hiren entbirongen a schrecken wèrt hinnen ömmer an erönnerong bleiwen.

We' ausgangs februar an ufangs märz, no me'ntlanger évakuatio'n, de' e'scht Haler rem an d'duerf zreckkumen, huet sech hinen e schrecklecht bild gebueden: eng ganz parti haiser ware verbrannt, zerste'ert oder schwe'er beschiedegt, d'strossen an d'felder waren durchwullt, d'bém waren zerfatzt, et war einfach firchterlech!

Obschons de materielle schued ganz gro'ss war, ass en dach bal verschwonnen niewend diem gro'sse misär, dien durch den do't vun enger ganzer rei vun Haler birger an d'duerf komm war. Schmatz Anna an hirt Ketty, Warnesch Henny a Reckessen Alfred ware schons an dienen e'schten dég vun der offensiv emkomm; Haupesch Anna, Niesen Hary a Steichens Bertine hun d'strapazen vun der évakuatio'n net iwerstanen; de Schmatte Mechel huet sei schecksal am E'sleck

errécht: acht menscheliewen hat de krich a kurzer Zeit vun diem klengen Haler gefuerdert. An dach sollt dat nach net alles sen: nach e puer wochen nodiem de krich sein enn fond hat, huet Leise Charel duerch e sprengkierper misse sei liewe lossen, an e puer me'nt durno huet och dat lest affer vun der évakuatio'n, de François Flies, de wé an d'e'wegkét ugetratt.




Ent vun diene villen zerste'erten haiser

A we' war et mat diene jongen, de' fort am kazett an am krich waren? D'kazett huet sein affer nach hallef lieweg remgespaut, och d'front huet sech nach a lester minut erbarmt an nach drei jongen zreck gin. De Lutwin de Schorlemer awer ass gefall, an de Frischens Berny ass vermösst, hie wèrt och nach am lesten duerchernén sei liewe gelos hun......

Trotz desen harden bluttaffer, trotz diem immensen matérialschued hun de' Haler de courage net verluer. Et guf geschafft a geschafft. Am ufank hun d'möttele gefélt, an et gung lues, mé no enger zeitchen gung et besser. Hett stét rem villes do, wat zerste'ert war, an no e puer jar wèrten de' friem, de' an e'st dierfchen kommen, net me' verstoe können, datt et viru kurzem eso' gruseleg hei ausgesin huet.

De' wonnen, de' am de'fsten schmèrzen, dat sen de', de' den do't opgerappt huet. Vergéss gin de' wonnen ni, mé fir se erdréglech ze man fir de', de' et am méste getraff huet, wöllt d'ganz duerf weisen, datt dat affer vun dienen do'degen net emsoss war, an datt et ni vergéss get: mat gro'ssem respekt wölle mir ömmer op si, op e's helden, kucken, hirt undenken soll is ömmer helleg bleiwen.

**Helden vum duerf,**
**Ert duerf hält Ech an e'eren!**



Grott an der Siwebach

# Verstoppt

Am mé 1944 hun e puer jongen vun Iiermsdref a vu verschidden aner uertschaften an diem gro'sse besch, dien den dall vun der Halerbach a vun der Siwebach iwerdeckt, sech enert enger schwe'erer fiels eng stop gebaut: si hate keng ro'mé' an hirem hémechtshaus, well d'Preisen si verfollegt hun, an hei an der weldnes hun si op dien dag gewart, wo' si rem sollte frei sen.

Waren si hei och me' secher, so' hun iewel och hei nach gefahren gedroht, de misère war och net kleng, a gro'ss suergen hun si emmerfort gedreckt. An hirer no't hun si dun zur Gottesmamm geruff an sech hir empfuelen. Hirt gebiet guf erhe'ert: si all haten d'gleck dien dag z'erliewen, wo' d'Preisen d'land rem verlos hun.

D'hëllef vun der Gottesmamm guf net vergiess, an och net dat verspriechen, dat si a schwe'erer stonn gemach haten. Am summer 1948 hun si op dir plaz, wo' de bunker stung, dien die moment schons zum dél verfall war, eng grott agericht an doranner e bild vun der Gottesmamm opgestallt. Am september vum selweschte jor ass dat naturhellegtom feierlech ageweit gin.

Einfach a sche'n stét elo d'bild vun der Gottesmamm an engem do'm vun dennen a bichen an échen, an erënnert all de' lett, de' eleng oder mat der prezessio'n, dohinner getrëppelt kommen, un de' schwe'er zeiten aus dem krich an un d'hëllef vun der Gottesmamm.

Dir gehe'ert zu dene besten
vun der natio'n;
Ert undenken bleiwt beston,
bei is, a bei de generatio'nen,
de' no is kommen.

B N L
*LA 18846*

Impr. Hermann Luxbg.